



Déi éischt Gemengerotssitzung vum neie Joer 2025 war méindes, 13. Januar 2025, ëm 17:00 Auer. D'Conseillère Bea Kabers ép. Horsmans war ofgemellt.

1. Approbation du projet d'exécution et de la convention relative au PAP Datacenter au lieu-dit Buusbierg

Zur Exekutioun vum PAP "Datacenter" gouf mat der Firma LB Technology s.à r.l. eng Konventioun ofgeschloss.

Vu datt am Kader vum PAP Datacenter nëmmen 2,2 Prozent fir d'Weeër un d'Gemeng ofgetruede ginn (deemno manner ewéi déi 25 Prozent, déi d'Gesetz virgesäit), kritt d'Gemeng fir d'Differenz (22,8 Prozent) eng "Indemnité compensatoire unique" duerch d'Gesellschaft bezuelt. Dës Indemnité unique duerf just fir déi follgend Zwecker benotzt ginn:

- Kaf vun Terrain fir de Bau vun engem neie Waasserbaseng;
- Upassen an Ausbau vum Drénkwaasserreseau;
- Kaf oder Echange vun Terrain fir de Kanal;
- Verleeë vun der existenter Luxlait-Waasserleitung;
- Entwéckele vun engem "Co-living/Co-Working"-Site (vun dëser Offer kéinten och d'Mataarbechter vum Datacenter profitéieren).

Verschieden Aarbechten (ewéi d'Verleeë vum Fousswee a vun der Luxlait-Drénkwaasserleitung) gi vun der Gemeng ausgefouert. Dës Fraise kritt d'Gemeng rembourséiert.

Während der Bauzeit ass de Drénkwaasserverbrauch op 8,64 Kubikmeter pro Stonn an no der Bauphas op 6,5 Kubikmeter pro Stonn limitéiert. D'Bassenge fir de Stockage vum Kill- a Läschwaasser sinn um Site vum PAP ze realiséieren.

Virun den Terrassementsaarbechten ass eng sougenannte "piste de chantier" tëschent dem Site an der N7 unzeleeën, d.h. während der Bauphas duerf de Camionstrafic net duerch d'ZAC Klengbuusbierg goen. Och ass um Site vum Chantier eng Wäschstatioun fir d'Camions virzegesinn an d'N7 muss zweemol pro Dag gebotzt ginn.

D'CSV-Fraktioun huet bedauert, datt dës Konventioun net an enger Aarbechtssitzung diskutéiert gouf. Dofir hunn d'CSV-Gemengeréit ganz vill detailléiert Froen zur Konventioun misste stellen. D'Konventioun gouf schlussendlech mat 7 Jo-Stëmmen, 2 Enthaltungen an enger Neen-Stëmm gutt geheescht.

2. Approbation d'un compromis

Den Trottoir mat der Parzellennummer 1093/3411 (hannert engem Wunnhaus an der Nord) geet fir 45 Euro un d'Gemeng iwwer.

3. Approbation de plusieurs décisions de principe

- a) Beim TerraBis kréien d'Participants hir Ausgabe bis e Plaffong rembourséiert, wann si déi entspriechend Rechnunge presentéieren. Opgrond vun der allgemenger Präisentwécklung gouf dëse Plaffong vu 400 Euro op 500 Euro erhéicht.
- b) Bis elo gëtt d'Verwaltung vum Jugendhaus duerch d'Fondatioun "Lëtzebuerger Guiden a Scouten" assuréiert. De Schäfferot huet d'Autorisatioun gefrot, fir d'Konventioun mat dëser Fondatioun ze kënnegen a fir Verhandlung mat der asbl "Nordstadjugend" opzehuelen.

4. Approbation de plusieurs conventions

- a) Fir e weidere Schüler vu Biissen iwwerhëlt d'Gemeng d'Aschreiwungsfrais an der Museksschoul Kanton Réiden.
- b) D'Gemeng Biissen stellt en Informatiker an. Dësen Informatiker wäert awer herno souwuel zu 50 Prozent fir d'Gemeng Biissen ewéi och zu 50 Prozent fir d'Gemeng Colmer-Bierg schaffen. Dofir gouf eng Konventioun mat der Nopeschgemeng ofgeschloss. D'Nopeschgemeng wäert dann och d'Hallschent vun de Käschtchen droen.

5. Nomination d'un nouveau membre à la commission des événements

Neie Member an dëser Kommissioun ass den Här Joe Reuter..

6. Création d'un poste

Am Service technique gouf eng zousätzlech Plaz als Employé communal am Grupp A2 kreéiert.